CORONAVIRUS COVID-19 @HOME

EN OPRUFF UN DECH!

VIDEOCONCOURS

WAT MÉCHS DU AN DER AKTUELLER ZÄIT VUM CORONAVIRUS FIR DECH WUEL ZE FILLEN?

Wat ass fir dech de gréissten Challenge? A wéi gees du mat der Situatioun ëm?

WAT MUSS DU MAACHEN?

Schéck eis däin selwer gedréinte Videoclip, an deem s du eis weis, wat s du an Zäiten vum Coronavirus mëss fir dech wuel ze fillen. Dëst kann zum Beispill a Form vu Musek, engem Sketch, Danz oder Änleches sinn. Sief kreativ!



Déi 5 beschten Videoclippe ginn mat engem IPad belount a ginn ausserdeem als Deel vun der nationaler Kampagne Well-being@home genotzt a veröffentlecht. D' Selektioun vun de beschten Videoclippe fënnt zu 50% iwwert e Voting op Youtube an zu 50% iwwert de *Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend* statt.

CORONAVIRUS COVID-19 @HOME

WAT SINN D ‘REGELEN FIR MATZEMAACHEN?

- Du muss tëscht 12 a 26 Joer al sinn
- Däin Videoclip muss tëscht 30 a 50 Sekonnen Maximum laang sinn
- Du däerfs nach keen Filmhéichschoulstudium oder en änlechen Ofschloss hunn
- Du däerfs net an der Filmbranche täteg sinn
- Du muss all d’ Rechter vum Videoinhalt a vun der Musek besëtzen



ASENDESCHLUSS

Du hues bis den **26. Juni 2020** Zäit fir eis däin Videoclip eran ze schécken. De Formulaire (wéi och all aner Informatiounen, Reglementer a Konditiounen) fir matzemaachen fënns du hei

youthatschool.lu/concours/

CORONAVIRUS
schouldoheem.lu
8002-9090

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG